ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An der Editioun Nr. 28 vum 9. Juli 2022 vum däitsche Wochemagazin "Der Spiegel" gouf en Interview vum Här Bausseminister publizéiert, deen hien zesumme mat senger däitscher Amtskolleegin Annalena Baerbock ginn huet. An deem Interview huet den Här Bausseminister zu der Iddi vun de Vereenegten Staate vun Europa ënnert anerem dat hei ausgesot "*Die EU braucht einen richtigen Präsidenten , einen Premierminister mit einer Regierung, ein Parlament, das Gesetze vorschlagen kann, und einen Senat neben dem Parlament, in dem jedes Land vertreten ist. Die Länder werden weiter bestehen, aber das Budget wird dann in Brüssel beschlossen*".

Esou an änlech federal Virstellunge stoungen och am sougenannten europäesche Verfassungsvertrag den am Frankräich an an Holland duerch Referendum refuséiert gouf. E gouf dono liicht amendéiert an als Lissabon-Vertrag ageféiert, den an deenen zwee genannte Länner awer kengem Referendum méi ënnerworf gouf.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Representéiert déi zitéiert Äusserung vum Här Bausseminister d'Positioun vun der Regierung? Wëll d'Regierung en europäesche Federalstaat?
2) Falls d'Äntwert op d'Fro virdru Jo wier, géif d'Regierung dann e Referendum usetzen, fir d'Lëtzebuerger Staatsbierger souverän iwwert dës Fro decidéieren ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten